Här President,

Dir Dammen an dir Hären,

Wann een déi Problemer déi een am Grëff huet wëllt am Grëff behalen, wann een déi Problemer déi sech dem Zougrëff nach entzéie wëll an d'Hand huelen, da muss ee se fir d'éischt emol mam Numm nennen. Nëmme wann een d'Problemer benennt, gëtt déi Politik mat där ee probéiert se ze léisen, verständlech. Een deen d'Politik wëllt onlieserlech maachen, deen ass drop aus déi grouss Erausfuerderunge mat deenen d'Politik et muss ophuelen, auszeblenden an zouzedecken. Doduerch datt een der Politik déi Matière entzitt déi se behandele muss, doduerch datt een hir Begrëndung géint bessert Wësse kontestéiert an trotz besserem Wëssen ignoréiert, mengt een dat fäerdeg ze brénge wat een ees wéi ees wëllt beweisen, nämlech datt d'Politik niewt dem Dill läit an datt se falsch ass.

Am Moment erliewe mer d'Opféierung vun esou engem Stéck. Dat Stéck heescht 700.000 Awunner-Staat. Déi eng – an deem se no hanne kucken an no vir rechnen – gesinn eis um Wee an eng zolidd demographesch Expansioun. Déi aner – an deem se d'Vergangenheet zum Zoufall erklären an d'Zukunft net daite wëllen – gesinn eis um Marsch an den Abseits.

Mir mussen aus dëser Opféierung, wou déi eng de Rideau eropzéien an déi aner en erëm séier erofloossen ier en nees an d'Luut geet fir direkt nees erofzefalen eng aktuell Debatte mat Konklusioune fir d'Zukunft maachen. Dat heescht : mir mussen all op der Bühn bleiwen. Net fir ze spillen – d'Politik ass jo kee Spill. Mee fir ze diskutéieren an ze décidéieren. Net hannert dem Rideau mee am demokratesche Raum, do wou jiddferee jiddfereen héiert a gesäit an do wou all Mënsch ka matmaachen.

Dës Debatte huet am Land längst ugefaang. Fir datt jiddfereen un hir kann deelhuele mussen d'Tatsaachen op den Dësch. Ween de Leit d'Tatsaache verstoppt, deen hëllt se net eescht a wëllt se vun der Debatte ausschléissen. An der Demokratie däerf een dat net : d'Zukunft geet all Mënsch un, si däerf net ënner Verschloss gehale ginn, net als Exklusivthema vun autoproklaméierte politischen an aneren Eliten zweckentfriemt ginn. Wien d'Tatsaachen um Dësch leie léisst, wien net sicht se z'erklären, wien net seet wéi e mat den Tatsaachen ëmgoe wëllt, dee léisst d'Tatsaachen onkommentéiert an onbehandelt wuessen, deen hofft datt kee se entdeckt, dee provozéiert Angscht an

Ängschten, ongesond Reaktiounen an einfach Sätz fir komplex Froen ze beäntwerten. Och dat däerf een net an der Demokratie.

Wat sinn d'Fakten ? Wéi ass eis Populatioun historesch gewues ? Wéi kann hiert perspektivescht Wuessen ausgesinn ?

Ëm 1820 hat Lëtzebuerg 134.000 Awunner. Honnert Joer méi spéit, 1920, ware mer zu 260.000, haten eis also verduebelt. A ronn 20 Joer, am Joer 2020 – all demographesch Etuden a Prognose vun dëser a vun där läschter Regirung weisen dat iwwereneestëmmend – wäerte mer op d'mannst zu 520.000 sinn. Et gesäit een also : mat all honnert Joer déi an d'Land ginn hëllt d'Zuel vun den Awunner zweemol zou.
Den Trend zu iwwer 500.000 Awunner am Joer 2020 ass amgaang. Dat weist déi rezent Entwécklung.

1971 ware mer zu 339.800. 1981 ware mer zu 363.450, haten also 2.400 Awunner pro Joer bäikritt.

1991 ware mer zu 384.400, haten also 2.000 Awunner pro Joer bäikritt.

2001 ware mer zu 441.300, haten also 5.700 Awunner pro Joer bäikritt.

Vun 1971 op 2001 si mer vun 339.800 op 441.300 gewues, ee Plus deemno vun 101.500 Awunner an 30 Joer. Vun deem Plus vun 101.500 Awunner entfällt méi wéi d'Halschent, nämlech 57.000, op déi läscht zéng Joer. Wann eis Bevölkerung virun esou wiisst, da si mer am Joer 2020 zu méi wéi 500.000, a wa se och dono nach virun esou wiisst, am Joer 2050 zu méi wéi 700.000. Dat sinn net meng Dreem, dat sinn net meng Wonschvirstellungen, dat sinn d'Fakte vun haut an déi héckstwahrscheinlech Tatsaache vu mar. Et ass net – wéi gesot a geschriwwe gëtt – dem Juncker säi 700.000 Awunner-Staat. De Staat ass net mäin, net dee vu 441.000 Leit, net dee vu 500.000 Leit a scho guer net dee vu 700.000 Leit. Et ass d'Land dat d'Verantwortung fir seng Zukunft dréit. Jiddfereen heibannen. A jiddfereen dobaussen.

Och den Aarbechtsmaart huet seng eegen Demographie.

Mir haten 1980 eng aktiv Bevölkerung vun 157.800 Leit, 1990 eng vun 187.100, 1995 eng vun 219.600, 1997 eng vun 226.500, 1998 eng vun 236.400, 1999 eng vun 248.300, am Joer 2000 eng vun 263.200 an am Joer 2001 eng vun 277.200.

D'Zuel vun de Salarién ass vun 137.000 am Joer 1980 op 260.300 am Joer 2001 an d'Luut gaang, huet sech also an 20 Joer bal verduebelt.

D'Zuel vun de Grenzgänger ass vun 13.400 am Joer 1980 op iwwer 100.000 am Januar 2002 geklommen, wäit iwwer 630 Prozent méi.

Wann dës Entwécklung unhällt – muenches weist dorop hinn – dann hu mer am Joer 2020 eng aktiv Bevölkerung vun nobäi 400.000 Leit, dorënner 175.000 Frontalieren. Geet déi Entwécklung och dono nach virun da kënnte mer am Joer 2050 eng aktiv Bevölkerung vu 660.000 Leit an iwwer 300.000 Frontalieren hunn. Dat ass net mäi Wonsch, dat ass net meng Erfindung, dat sinn d'Fakte vun haut an dat ass hir denkbar Weiderentwécklung vu mar.

Entweder mir schwätzen doriwwer, roueg, mat klorem Kapp an awer leidenschaftlech. Oder mir iwwerloossen dës Entwécklung sech selwer. Ech sinn derfir fir driwwer ze schwätzen.

Nu si Bevölkerungswuestum an Aarbechtsmaartexpansioun an éischter an a bal exklusiver Linn Funktioun vun der wirtschaftlecher Entwécklung. Wa mer – esou wéi an deene läschte 40 Joer – an den nächsten 20 Joer ee Wirtschaftswuestum vu 4 Prozent d'Joer hunn, dann hu mer am Joer 2020 520.000 Awunner, 400.000 Aktiver a ronn 175.000 Grenzgänger. Haut scho schaffe méi Net-Lëtzebuerger wéi Lëtzebuerger am Privatsekter. Dofir sinn och haut scho vu mueres 9 Auer u méi Net-Lëtzebuerger wéi Lëtzebuerger am Land. Am Laf vun den 20er Jore vum neie Joerhonnert – wann d'Entwécklung esou viru geet – gëtt et méi net-lëtzebuerger wéi lëtzebuerger Awunner am Land.

D'Fro déi sech eis stellt ass ob mer déi Entwécklung déi mer déi läscht 20 Joer haten och fir déi nächst 20 Joer an doriwwer eraus wëllen.

Ech hunn nom Rentendësch – deem seng Asetzung ech proposéiert hat – gesot, datt déi déi ronderëm dësen Dësch souzen hiren Akkord op eng wirtschaftlech Wuestumshypothese vu véier Prozent d'Joer während deenen nächste 50 Joer baséiert hunn. D'Laangzäitberechnung vum BIT grënnt op dëser Hypothese. Op hir berouen och d'Berechnungen an d'Entscheedungen vum Rentendësch. Nëmme wann d'Ekonomie bestänneg iwwer véier Prozent wiisst réckelt d'Rentemauer an der Zäit no hannen. Géif eis Wirtschaft nämlech nëmmen zwee Prozent statt véier Prozent d'Joer wuessen, da missten am Joer 2020 d'Kotisatioune vun de Rentner an de Pensionäre gehéicht ginn

oder awer hir Prestatiounen am selwechte Joer erofgesat ginn. Ganz einfach well mer an deem Fall nëmmen 291.000 Leit an Aktivitéit hätten aplaz, wéi bei engem Wuestum vu véier Prozent, 395.000 Leit. Dat heescht : bei zwee Prozent Wuestum hu mer ronn 100.000 Leit manner déi Kotisatioune bezuele wéi wa mer véier Prozent Croissance hätten.

An ech soen iech – och wa keen et wëllt héieren : eise Pensiouns- a Renteniveau dee mer haut hunn a mar kréien ass nëmmen ze hale wa mer net zwee mee véier Prozent Wuestum an deenen nächste Joerzéngten hunn, wa mer am Joer 2020 395.000 aplaz 291.000 Cotisanten hunn, wa mer am Joer 2020 zu 520.000 si statt wéi bei zwee Prozent Wuestum zu 470.000.

Ech akzeptéieren datt keen dat wëllt héieren, ech akzeptéieren net datt ee mer seet ech géif dat nëmme soe well ech de Rentner am Privatsekter keng Rentenerhéigung géif vergonnen. Ech soen dat just fir datt jiddfereen am Privatsekter an am öffentleche Sekter weess, datt d'Erhalung vun eisem Renten- a Pensiounsniveau ee Wuestum vun duerchschnëttlech véier Prozent néideg mécht. Ech soen dat net eréischt haut, ech soen dat konstant zënter 1996 – ouni, wéi ech muss zouginn, heibannen an am Land op oppen Ouere gestouss ze sinn.

Ech si mat deem aktuelle Pensiounsniveau beim Staat a mat deem neie Renteniveau dee mer am Privatsekter kréien d'accord. Si si mëttelfristeg, wann d'Entwécklung esou viru geet wéi s'an deene läschten zwanzeg Joer verlaf ass, finanzéierbar. Mee ech soen am Numm vun der Regirung dat hei : wann eis Wirtschaftsleeschtung an deenen nächste Joren esou ofhëllt datt déi laangfristeg Renten- a Pensiounsfinanzéierung net gesëchert wier, wäerten déi déi haut an der Regirung si sech derfir asetzen – egal wou se sinn, an der Regirung oder an der Oppositioun – datt d'Moossnahme geholl gi fir s'erëm ze sëcheren. Dës Moossnahme wäerten net d'Mindestrenten an déi sougenannten Hongerrente betreffen – all Parteien hate virun de läschte Wahlen hirt Eropsetze versprach. Si ginn elo verbessert, si gi méi spéit net verschlechtert. Mee wa mer déi strukturell Verbesserungen am Privatsekter an de Pensiounsniveau beim Staat wëllen iwwer d'Distanz bréngen, da brauche mer wirtschaftleche Wuestum, Aarbechtsmaartexpansioun an an der Folleg dovun Bevölkerungswuestum. D'Renten an d'Pensioune gi vun der Wirtschaftskraaft finanzéiert, vun de Leit déi an der Ekonomie schaffen, net vun der Abildungskraaft vun de Politiker. Déi sollen hir Imaginatioun notzen fir d'Viraussetzungen ze schafen datt d'Wirtschaft kontinuéierlech awer nohalteg wiisst. Déi sollen de Courage hunn Fuerderunge vun haut un hire Konsequenze fir mar ze moossen. D'Konsequenz vu muencher Rentefuerderung vun haut ass de 700.000-

Staat vun iwwermar. A moins datt mer ee Wee fanne fir eis Renten a Pensiounen anescht wéi iwwer Kotisatiounen a Steieren, dat heescht iwwer Aarbechtsplazen a wuessend wirtschaftlech Aktivitéit ze finanzéieren.

Wa mer eis eens géife ginn Kurskorrekturen am Renten- a Pensiounsberäich virzehuele wa se noutwendeg ginn, dat heescht wa mer zesumme géife verhënneren datt een allzevill staarkt Wirtschaftswuestum sech zu lëtzebuerger Staatsraison pervertéiert, da gewanne mer Gestaltungsfräiheet an Zukunftssouverainetéit zréck. Da wuesse mer ëmmer nach séier – mir däerfen aus ville Grënn keng volontaristesch Politik vum negative Wuestum maachen. Mee da brécht eis net alles zesumme wa mer méi lues wéi ganz séier géife wuessen. Mee och wa mer méi lues wéi ganz séier wuessen, wa mer eis also am Rythmus vun deene läschten 200 Joer bewegen, hëllt eis Bevölkerung zou a kréie mer eng Populatioun vun iwwer 500.000 Leit an den nächsten zwee Jorzéngten. Et wier gutt wa mer eis op deen Zäitraum konzentréiere géifen. Dat ass d'Aufgab déi d'Verantwortung fir d'Land eis operleet, déi d'Entwécklung eis zouweist an déi mer dofir och akzeptéiere mussen : déi nächst zwanzeg Joer gestalten ouni déi Zäit dono duerch imperativ an irreversibel Virfestleeungen esou ze hypothekéieren, datt déi kommend Generatiounen ënnert hirer Laangzäitfinanzéierung zesummen ze brieche riskéieren. Dat maachen, dat vu sech selwer an deenen aneren ze verlaangen, dat ass net d'Flucht aus der Géigewaart an d'Zukunft. Dat ass net d'Ried vun engem dee sech just an der wäiter Zukunft wëllt bewegen. Dat ass d'Ried vun engem dee weess, datt een haut keng richteg Decisioun huele ka wann een net probéiert, sech déi nächst Joren auszemolen. Et kann een d'Liewe vun haut net vum Liewe vu mar trennen. D'Géigewaart pecht un der Zukunft. Eng Regirung, ee Parlament, d'Leit alleguer kënne se net vunenee rappen. Hätte mer an der Vergaangenheet – ech soen dat fir eis alleguer – bei eisen Decisioune méi un d'Zukunft an un hir demographesch Entwécklung geduecht, dann hätten d'Zäite vun haut besser kënne preparéiert ginn a mir bräichten eenzelne Problemer net nozelafen. Ech wëll net, datt eis Nofolger méi mat deenen Aufgabe beschäftegt sinn déi mir net erleedegt hu wéi mat deenen déi sich hinne wäerte vum selwe stellen.

520.000 Awunner am Joer 2020 : dat ass net d'Paradis an dat ass net d'Hell. Dat ass net d'Paradis well d'Qualitéit vum Liewe verbessert sech net spontan, automatesch a parallell mat an zur Awunnerzuel. Dat ass net d'Hell : d'Zuel vun de Leit ass emsou méi irrelevant wéi d'Qualitéit vun hirem Zesummeliewe besser ass. D'Liewensqualitéit an d'Qualitéit vum Zesummeliewen : ronderëm dës Grondnotioune musse mer Politik ausriichten. Si sinn och de Stoff aus deem d'Nohaltegkeet gemaach gëtt. Nohaltegkeet,

fir datt se kann zur Riichtschnouer vun der Politik ginn, brauch Moossinstrumenter, iwwerpréifbar Wertermëttlungen, verifiabel, fiabel an awer och upassbar Indikateuren. Iwwer dës Indikateuren an Objektiver – ewéi iwwer d'Nohaltegkeet iwwerhaapt – wëllt d'Chamber am Juni debattéieren an decidéieren. Et wier falsch wann d'Regirung de Konklusioune vun där Debatte géif virgräifen, obschon et méi nëtzlech gewiescht wier d'Debatte iwwer d'Nohaltegkeet där iwwer d'Lag vum Land virzeschalten. Wa mer déi Indikateure festgeluecht hunn - si mussen am wiesentlechen ekonomeschen, ekologeschen a sozialen Usprëch gerecht ginn -, da musse mer eis ee Mechanismus an eng Plaz gi wou all Aspekter vun der Nohaltegkeet zesummegefouert kënne ginn. Mir wäerten d'Ariichte vun engem « Conseil supérieur du Développement durable » virschloen, an deem de « Conseil supérieur de l'Aménagement du Territoire » opgeet. Wéinst sengem horizontalen Aufgabemix gëtt e vum Staatsminister presidéiert a vun de Landesplanungs- an Ëmweltministeren animéiert.

De Landesplanungsminister wäert – esou huet är Chamber et geplangt – de vollstänneg aviséierte « Programme-directeur » iwwer d'Landesplanung virleeën, fir datt e kann debattéiert ginn. De Regirungsrot huet a senger Sëtzung vum 25. Januar 2002 d'Elaboratioun vun engem integrative Verkéiers- a Landesentwécklungskonzept decidéiert, fir d'Politik an de Beräicher Transport, Ëmwelt an Organisatioun vum Territoire méi schlësseg ze maachen. E puer Zuelen illustréieren d'Problemlag vun haut, Problemer déi sech mat wuessender Bevölkerung verdichte wäerten. Op engem normalen Aarbechtsdag leeën déi Leit déi hei am Land wunnen 1,2 Milliounen Trajeten zréck. Kee Wonner : op 1000 Leit kommen 614 Autoen. Eléng tëschent 1961 an 1991 huet d'Zuel vun de Leit déi ausserhalb vun hirer Gemeng schaffe sech vun 32.000 op 92.000 erhéicht, ee Plus vun 187,5 Prozent. 29 Prozent vun den Deplacementer am Land geschéien aus professionnelle Grënn. Mee 40 Prozent vun hinnen entfalen op d'Satisfaktioun vun anere Besoinen wéi Akafen, Fräizäit, an esou virun. D'Pluraliséierung vun de Liewensstiler produzéiert Konsequenzen. 280.000 Autoen transportéieren all Dag 400.000 Leit iwwer eis Grenzen. Am Joer 2000 sinn 20 Milliounen Autoen tëschent dem Gaasperecher an dem Zéissenger Kräiz zirkuléiert, 59.500 pro Dag. Op der Diddelenger Autobunn waren et der 17,5 Milliounen, op der Escher 15,7 an op der Tréierer 10,6 Milliounen. D'Autobunnen droe 25 Prozent vum jährleche Verkéier, stellen awer nëmme 4 Prozent vum Stroossenetz duer. Mee net nëmmen d'Autobunne sinn iwwerlaascht, d'Landstroossen och. Sou sinn op der Nationalstrooss 7 tëschent Colmar a Miersch d'läscht Joer 5,4 Milliounen Autoe gefuer. Aus all deem wat ass an aus all deem wat kënnt resultéiert niewt der Noutwendegkeet eenzel Autobunne ganz oder deelweis vun zwou op dräi Bunnen z'erweideren, déi absolut Noutwendegkeet den öffentlechen Transport massiv auszebauen och a grad an zum Deel op eis Käschten a

Grenzräim vun der Groussregioun eran. D'Groussregioun gëtt zu enger wichteger Dimensioun vun eiser Transport- a Mobilitéitspolitik. An enger éischter Etapp gëtt d'Chamber mat enger Rei vun Infrastrukturprojeten befaasst, déi e gréisseren Ausbau notamment vum Eisebunnsnetz no sech zéie wäerten. D'Linn Péiteng-Lëtzebuerg soll integral zweegleiseg ginn, dat selwecht geschitt tëschent dem Stadgronn a Sandweiler, et gi Gleiser laanscht de Boulevard Kennedy um Kierchbierg tëschent der Foire an der Europäescher Investitiounsbank geluecht, et kënnt zu engem Eisebunnsuschloss tëschent der Europäescher Investitiounsbank an der Nordlinn, eng « Antenne ferroviaire » wäert tëschent dem Eisebunnsarrêt vu Bieles-Schmelz a Bieles-Zentrum entstoen, d'Linn Beetebuerg-Diddeleng gëtt bis op Volmerange-les-Mines ausgebaut mat gläichzäiteger Schafung vun engem Opfangparking op der franséischer Säit vun der Grenz. Iwwerhaapt kënnt eng Prioritéit dem Zwëschegrenzverkéier zou. Mir musse probéieren esou vill Grenzgänger derzou ze brénge virun der Grenz op den öffentlechen Transport ëmzeklammen. D'Projeten déi Bitburg, Lonkéch an Oetteng betreffe sinn éischt konkret Schrëtt an dës Richtung. Lues a lues wäert och ee kohärent Gesamtkonzept vun Autobuscouloire laanscht déi grouss Stroossenaxen entstoen, ëmmer a Kombinatioun mat Opfangparkingen déi no beim Bus a bei der Bunn leien.

D'Opstelle vun diversen « Plans sectoriels » geet virun. D'Konsultatioun- an d'Approbatiounsprozedur vum Lycées-Sekteursplang gëtt virum Summer lancéiert, d'Sekteurspläng « Transport », « ze schützend Landschaften » a « Logement » gi viru gedriwwen. Och de Problemberäich Bauschuttdeponie muss am Kader vun engem spezielle sektorielle Plang geregelt ginn deen op Grond vum Landesplanungsgesetz vun 1999 opgestallt gëtt. Och Bauschutt kann een deelweils vermeiden, mee et kann een en net ofschafen. E muss also deponéiert ginn. Do stelle mer awer fest datt d'Gemenge sech meeschtens géint Bauschuttdeponien op hirem Territoire wieren. Den Eeschtfall datt 118 Gemengen eng no där aner Neen zu enger Bauschuttdeponie an hirer Gemeng soe kann een op d'Dauer net ausschléissen. D'Gemengenautonomie, esou wichteg wéi s'och ass, däerf aus Lëtzebuerg kee Land ouni Bauschuttdeponie maachen. Mir brauche Bauschuttdeponien an dofir muss d'Regirung, déi eng national an zentral Landesplanungskompetenz huet, déi Plaze wou Bauschutt deponéiert ka ginn festleeën. Mir schaffen e Bauschuttdeponiesekteursplang aus, deen och déi Site wäert enthalen déi elo am Gespréich sinn. Mir soe Jo zur Gemengenautonomie, awer Neen zur kommunaler Verbarrikadéierung vum Land.

D'Regirung verfollegt mat Sympathie déi vill Beméiungen, fir d'Konzept vun der Nordstad mat Liewen z'erfëllen. Iwwerhaapt ass d'Reflexioun vu verschiddenen

Nordgemenge sech hi bis zu eventuelle Fusiounen ze restrukturéieren et wäert, ënnerstëtzt ze ginn.

D'Rekonversioun vun den Industriebroochen am Süden bleiwt fir déi nächst 15 Joer eng déck Prioritéit vun der Landesplanung. De Landesplanungsminister fiert virun d'Aarbechten ze koordinéieren, zesumme mat de Gemengen an der Agora.

Besonnesch wichteg – op den Industriebroochen an am Land – ass de Wunnéngsbau. D'Liewensqualitéit an d'Qualitéit vum Zesummeliewen hänke wiesentlech vum Wunnen, also an éischter Linn vum richtege Bauen of. Mir wëssen datt mer e Wunnéngsbauproblem hunn a mir wëssen och datt e bei wuessender Bevölkerung zouhëllt. De Constat ass séier gemaach : mir bauen net genuch a mir bauen ze deier. Vun 1986 bis 2000 sinn 33.700 Wunnénge gebaut ginn, ronn 2.400 d'Joer. Fir de Besoienen gerecht ze ginn hätte mer der missen 3.500 d'Joer bauen. D'Zuel vun de Baugenehmegunge geet zréck, de Präis fir d'Bauterrainen an d'Luut. Den Terrainpräis ass am Landesduerchschnëtt vun 1994 op 1998 ëm 32 Prozent geklommen fir 10.418 Euro den Ar z'erreechen. Ronderëm an an der Stad Lëtzebuerg si mer entretemps bei Montanten tëscht 35.000 a 50.000 Euro den Ar ukomm. Verréckte Präisser fir normal Leit ! De Staat huet an deene läschte Joren d'Bauen an den Zougank zum Wunnen um finanzielle Plang massiv begleet. An de läschten 10 Joer sinn iwwert 1100 Millioune Euro, ronn 45 Milliarde Lëtzebuerger Frang, u private Wunnéngsbauhëllefen aus dem Staatsbudget un d'Leit déi gebaut hu gefloss. Fir ze vergläichen : 1990 stung de Staatsbudget mat 1,5 Milliarde riicht, 2001 huet en 124 Milliounen Euro, also 5 Milliarde Lëtzebuerger Frang bäigesteiert. Kee Land mécht méi. Kee Land besteiert jo de Wunnéngsbau mat nëmmen 3 Prozent TVA. Eleng de Remboursement vun der TVA huet an de Joren 92 bis 2001 436 Milliounen Euro, ronn 18 Milliarde Lëtzebuerger Frang, ausgemaach. 30.000 Haushalter sinn zënter 1990 an de Genoss vu staatleche Bauprimme komm ; de Moment profitéiere 25.000 Famillje vu monatlechen Zënssubventiounen. Trotz dësem breeden Engagement vum Staat ass d'Situatioun wéi se ass : aus eegener Kraaft kënnen nëmmen nach déi wéinegst bauen, bal jiddferee brauch d'Hëllef vun den Elteren an de Grousselteren. Et kann een – wéi verschiddener dat virgeschloen hunn – den Ëmfank vun der staatlecher Hëllef weider ausbauen. Am Liicht vun der Erfahrung vun de läschte Jore soe mer : dat kann een op deem engen oder deem anere Punkt maachen, insgesamt wier d'Resultat awer ähnlech enttäuschend wéi am vergaangene Jorzéngt. Net op der Säit vun der Demande, vun der Wunnéngsnofro, läit den Haaptproblem. E läit ganz eendäiteg op der Säit vun der Offer, vum Ubidde vun Terrainen a vu Wunnéngen. Et sinn net genuch Terrainen um Maart an net genuch Wunnéngen am Verkaf. Hei musse mer frësch usetzen, och wann

d'Resultater net evident sinn. Si ginn nëmmen dann evident wann déi déi d'Offer un Terrainen an u Wunnénge kënne vergréisseren konsequent matmaachen, wa se bereet sinn Hiert derzou bäizedroe fir ee grousse Problem vum Land ze léisen.

De Wunnéngsbauminister huet virun e puer Méint e Logementsplang virgeluecht. E gëtt no an no ëmgesat, och a grad wat d'Reform vum Mietgesetz ubelaangt dat zum Beispill keen Ënnerscheed méi tëscht de Wunnéngen déi virun an no 1944 gebaut gi si maachen däerf.

Iwwer déi ugekënnegt Moossnahmen eraus wëllt d'Regirung de Bau- a Wunnéngsmaart duerch eng Panoplie vun déifgräifende Moossnahmen dynamiséieren. Dës Moossnahmen hu virun allem wann och net nëmmen d'Vergréisserung vun der Offer, vum Ubidde vun Terrainen a vu Wunnéngen an den Aen.

- Ech hat d'läscht Joer schonn drop higewisen datt Staat a Gemenge beim Baue musse gemeinsam Verantwortung droen. Mir hate geméngt et wier gutt wann de Staat de bauwëllege Gemenge besonnesch um infrastrukturelle Plang géif finanziell méi staark ënner d'Äerm gräifen. Et stellt sech eraus datt et awer extrem schwiereg ass allgemeng gëlteg Ënnerstëtzungskritèren opzestellen déi der séier ënnerschiddlecher Finanzkapazitéit vun den eenzelne Gemenge géife Rechnung droen. Mir sinn zur Aschätzung komm datt et méi richteg wier an dësem Matenee vu Staat a Gemenge landeswäit gezielt a regional cibléiert virzegoen. Dofir wäert d'Regirung mat eenzelne Gemenge staatlech-kommunal Wunnentwécklungspläng opstellen déi an Etappen duerchgefouert ginn an déi den Imperative vun der Landesplanung Rechnung droen, besonnesch dem Transport an de Mobilitéitsaspekter. An dëse Pläng – den Innenminister huet an de vergaangene Méint schon e puer Gemengen heiriwwer kontaktéiert – ginn d'Aufgaben an d'Verflichtunge vum Staat a vun de betreffende Gemenge genau festgeluecht, souwuel wat d'Uleeë vu Baulandreserven – wann néideg och ausserhalb vun de Perimetren – wéi och déi finanziell Méileeschtung vum Staat ubelaangt. Déi selwecht Pläng wäerte sech driwwer ausschwätzen ob de Réckgrëff op d'Formel vum « bail emphytéotique » an deenen eenzelne Gemenge Sënn mécht. Dës Formel géif d'Baue wiesentlech verbëllegen an ass dofir iwwerleeënswäert.

- De Staat muss mam gudde Beispiel virgoen. Mam Objektiv d'Ugebuet u Wunnraum ze vergréisseren huet de Regirungsrot d'läscht Woch de Virschlag vum Wunnéngsbauminister gutt geheescht, am Kader vum neie 5-Jores-Wunnéngsbauprogramm net nëmme wéi bis elo geplangt de Bau vu 4.125 mee vun

9.000 Wunnénge virzegesinn. De gesamten Investitiounsvolume geet esou vun 20 Milliarde Lëtzebuerger Frang op 1.071 Milliounen Euro, also op 43 Milliarde Lëtzebuerger Frang, erop. De Staat dréit dovun 343,5 Milliounen Euro. Ouni d'Gemenge wier dëse verduebelten Effort vum Staat net méiglech. Dofir gehéiert deenen déi matmaachen Unerkennung.

- D'Offer un Terrainen a Wunnénge wier méi grouss wann d'Steieren déi beim Verkaf vu Bauterrainen ufale méi niddreg wieren. Privatleit déi Terrainen oder Immobilien aus hirem Privatverméigen zu Wunnzwecker verkafe ginn am Moment op doduerch realiséiert Plus-valuen mat der Halschent vum duerchschnëttleche Steiersaz besteiert. Dat wëlle mer änneren : an Zukunft - mee awer nëmme fir d'Steierjoren 2002, 2003 an 2004 – gëtt ee Steiersaz vun ¼ vum Duerchschnëttssteiersaz appliziéiert. Ween also an dësem oder an deene kommenden zwee Joer verkeeft, bezillt op dem Verkaf nëmme méi hallef esouvill Steiere wéi bis elo. Vum 1. Januar 2005 un, trëtt dann deen ale Steiersaz nees a Kraaft. Et ass elo wou mer Terrainen a Wunnénge brauchen. Et ass elo wou e besonneschen Effort muss gemaach ginn. Dofir huele mer elo eng aussergewéinlech Steiermoossnahm déi zäitlech begrenzt muss si fir datt se déi néideg Bewegung ausléise kann.

- Am selwechte Geescht a mat deem selwechten Objektiv reduzéiere mer och d'Besteierung vun deene Privatleit déi bis elo wéi Kommerzante besteiert gi wa se Bauterraine verkafen déi an engem Lotissement leien. Si ginn haut zum volle Steiersaz besteiert. Fir d'Joren 2002, 2003 an 2004 gi se nëmme méi zu engem Véirel, dat heescht zu engem Véirel vum globale Steiersaz, imposéiert. Och d'Promoteur ginn steierlech entlaascht wa se Terraine verkafen. Dës Moossnahme lafe bis den 31. Dezember 2004. Den 1. Januar 2005 trëtt déi al Besteierung erëm a Kraaft. Och hei gëllt : mir brauche Bauterrainen a Wunnéngen elo. Et muss elo an direkt ee Ruck duerch de Wunnéngsmaart goen.

- Grouss Besoinen hu mer och um Plang vun de Mietwunnéngen. Fir d'Offer hei ze vergréissere setze mer den akzeleréierten Amortissementssaz vun den Immobilien am Privatbesëtz déi zu Mietzwecker gebraucht ginn erop. De Saz klëmmt vu 4 op 6 Prozent. Dës Regelung trëtt réckwierkend op den 1. Januar 2002 a Kraaft.

Mee mir proposéieren net nëmme Steiererliichterungen déi d'Bauoffer sollen encouragéieren. Och op der Säit vun der Demande wëlle mer nach eng Kéier ee Worf maache fir esou de Schrëtt zum Eegenheem méi bëlleg ze maachen.

An Zukunft, a réckwierkend op den Dag vun haut, kënnt et zu enger substantieller Neiausriichtung vun den Dispositiounen iwwert d'Enregistrements- an d'Hypothekentaxen. Mir mengen datt de Staat – fir dat e bëssen zevill salopp ze formuléieren – net soll op der Acquisitioun vun engem Eegenheem verdingen. D'Bezuele vun den Enregistrementstaxen vu 7 Prozent beim Kaf vun engem Eegenheem oder engem Terrain zu eegene Wunnzwecker ass haut de Prinzip. E gëtt elo d'Ausnahm. An Zukunft brauch een nëmmen Enregistrementstaxe beim Kaf vun engem Bauterrain oder engem Haus ze bezuele wa se méi héich leien wéi déi Fräigrenz déi elo soll agefouert ginn. Ech erkläre mech : beim Ukaf vun engem Bauterrain oder enger Wunnéng gëtt et vun elo u pro erwuesse Persoun eng Enregistrementsfräigrenz vun 20.000 Euro. Sou kann eng Koppel en Haus vun 12, 15, 16 a méi Millioune Lëtzebuerger Frang kafen ouni datt ee Cent Enregistrementstaxe muss bezuelt ginn. Entstinn Enregistrementstaxen déi méi héich wéi 20.000 Euro fir een Eenzelnen oder 40.000 Euro fir eng Koppel ausmaachen, da brauch ee just d'Differenz tëschent der ermëttelter Taxe an der Fräigrenz ze entriichten. Entfale manner Taxen wéi d'Fräigrenz, da kann een deen net erreechte Betrag spueren a spéider geltend maachen. Entstinn zum Beispill Taxe vu 15.000 Euro, da bleiwen dem Eenzelnen nach 5.000 Euro an der Koppel nach 20.000 Euro fir de Kaf vun engem neien Eegenheem nodeem een dat fréiert verkaft huet. Dës Moosnahm – déi, dir wësst dat, hieres gläichen an deenen aneren europäesche Länner sicht – muss d'Acquisitioun vu Bauland a Wunnénge staark verbëllegen. De Steiergewënn deen de Keefer – virun allem jonk Leit – esou realiséiert däerf net an d'Verkafspräisser integréiert ginn. Mir wëllen d'Kafen duerch d'Ofschafe an d'quasi Ofschafe vun den indirekte Steiertaxe méi bëllech maachen. Mir wëllen d'Verkafen duerch eng massiv Senkung vun der Besteierung vun de Plus-valuen méi gënschteg maachen. Dës Rechnung muss opgoen. Geet se net op dann trëtt am Joer 2005 eng zolidd Baulandzréckhalungssteier a Kraaft déi selbstverständlech Rücksicht op d'Tatsaach wäert huelen datt ee Steierzueler pro Kand eng Bauplaz kann halen, déi awer soss d'Baulandzréckhalung an d'Baulandspekulatioun streng besteiert. Kee soll sech Illusioune maachen : d'Erofsetze vun der Plus-values-Besteierung ass zäitlech limitéiert. En fait proposéiert d'Regirung de Leit en Deal. Deen Deal ass datt de Staat alles mécht fir de Wunnéngsproblem an de Grëff ze kréien. Hie mécht de Leit Vertrauen, inzitéiert, suggeréiert, animéiert. Geet dat schief – wat de Beweis derfir wier datt fir d'éischt no sech aplaz och no deenen anere gekuckt gëtt – da gëtt sanktionéiert. Ech sinn iwwerzeegt dervun datt eng Strategie vu Vertraue besser ass wéi eng immediat a radikal Bestrofungsaktioun.

Eng aner Saach : mir besteieren – ech hunn et gesot – zanter 1992 de Bau mat nëmmen 3 Prozent TVA. Bis haut huet nach kee gesot dat wier eng gutt Saach : dat ass schued. Mee jiddferee seet d'Réckerstattung vu 15 op 3 Prozent TVA géif mat zevill Verspéidung geschéien : dat ass verständlech. Ech wëll als Finanzminister hei eng traureg Feststellung maachen : déi strikt Kontrollen déi d'Enregistrementsverwaltung haut mécht ier se de Remboursement vu 15 op 3 Prozent TVA akkordéiert, weisen datt vill Schmu gemaach gëtt. Déi éierlech Leit hunn an deene vergaangene Joren op hir Soue musse waarde well déi onéierlech hu musse gestoppt ginn. Et ass en Aarmutszeechnis datt déi fiskal Demokratie ausgenotzt gëtt well de Staat d'sozial Demokratie – dat ass déi fir déi méi Schwaach – wollt walte loossen. Eppes geet awer net : déi éierlech an déi anstänneg Leit däerfen net ënner dem Feelverhale vun de rücksichtslosen Onéierleche leiden. Mir schloe vir, beim aktuelle Prinzip ze bleiwen, dee wëllt, datt 15 Prozent TVA vum Handel verrechent ginn an datt se bis op 3 Prozent TVA vun der Enregistrementsverwaltung un de Klient zréckbezuelt ginn. Mee bei Ëmbau, Ausbau a Renovatioun ginn direkt 3 Prozent vum Handwierker deen d'Aarbecht ausféiert un de Klient verrechent. Hie brauch – wann der esou wëllt – net op säi Remboursement ze waarden. Hie kritt en direkt. Well Ëmbau, Ausbau a Renovatioun de Gros vun den administrativen Aarbechte vun der Verwaltung ausmaachen an dës elo entfalen, gëtt de Remboursement vun der TVA an deenen anere Fäll – schlësselfäerdeg bauen ; fräie Wuerekaf fir selwer Aarbechten auszeféieren – wiesentlech akzeleréiert. An 8 Méint menge mer esou, d'Waardezäite fir de Remboursement ganz substantiell kënnen erof ze schrauwen.

D'Ukënnegung vun all dëse Moossnahmen – d'Besteierung vun de Plus-valuen, d'quasi Ofschafe vun den Enregistrementstaxen, déi nei Remboursementsregelung bei der TVA um Bau – ass riskant. Si kann zu engem Verkafs-, Kafs- a Renovatiounsstop féieren, en attendant datt déi nei Regelunge stinn. Dofir eng Indikatioun an een imperative Wonsch : all dës nei Regelungen triede réckwierkend a Kraaft. Kee Keefer, kee Verkeefer, keen deen ëmbaut oder ausbaut brauch also seng Pläng – déi déi lafen an déi déi e virhuet – ze bremsen. Fir absolut Rechtssécherheet ze schafen muss séier legiferéiert a reglementéiert ginn. D'Regirung adoptéiert all déi Texter déi néideg sinn an der 1. Halschescht Juni. Ech sinn iwwerzeecht datt d'Chamber nach virun hirer Summervakanz all dës Virschléi a gülteg Gesetzer ëmwandele wäert : dat ass jiddefalls der Regirung hiren Appell. Meng Mataarbechter an ech selwer stinn zur Verfügung fir d'Parlament an d'Lag ze versetzen, séier handelen ze kënnen. Well séier handelen ass néideg !

Wunnen a Schaffen : ech hunn et scho gesot, d'läscht Joer an an deene Jore virdrun, leien no beieneen.

Mir hunn et viru Woche fäerdeg bruecht am Konsens den neien nationale Beschäftegungsplang opzestellen. Dat ass ee gutt Zeeche fir d'sozial Demokratie. Dëst Joer ass de 25. Gebuertsdag vun der Tripartite. Et ass hire Geescht, hir Basisphilosophie, de Verstand an de Sachverstand vu Regirung a Sozialpartner déi et ëmmer erëm, och dës Kéier, erlaabt hunn eis op eis Gemeinschaften ze konzentréieren an eis natierlech Divergenze kleng ze halen. Ech wëll haut an hei de Patronen a besonnesch de Gewerkschaften, déi et op Grond vun de Spannunge vun eiser Zäit net liicht hunn, meng Unerkennung soe fir dat grousst Mooss u Konsensfähegkeet zu där se an deene läschte 25 Joer fäheg a bereet waren. D'Gewerkschafte musse mat der Regirung streiden – géife se dat net maachen da géife se hirer originärer Aufgab net richteg gerecht ginn. Mee d'Tatsaach datt se – souwuel am private wéi am öffentleche Sekteur – a läschter Analyse déi richteg Decisioune vun der Politik begleet, respektiv dës Decisioune wiesentlech inspiréiert hunn, ënnersträicht bei aller Ausseranersetzung an der Saach datt se sech an engem besonnesche Mooss a Substanzfroe vun der Natioun ëm déi selwecht verdingt gemaach hunn. Dofir ënnerstëtzt d'Regirung ënner anerem och déi wäertvoll national Beschäftegungsinitiativen déi d'national Gewerkschaften droen a gestalten. Dat ass ee Stéck national Solidaritéit a Responsabilitéit op déi d'Regirung net wëllt verzichten.

Op deem Fong dee mer esou un d'Stoe kritt hu kënne mer a wëlle mer weider opbauen. D'Reform vum Kollektivvertragsgesetz ass noutwendeg. Mir hu Verständnis fir d'Suerge vun den national repräsentative Gewerkschaften ob se am Privatsekteur oder am öffentleche Sekteur schaffen. Mir hu Versteesdemech fir d'Erwardunge vun de sektoriell staarke Gewerkschaften. Ech sinn iwwerzeecht datt den Aarbechtsminister François Biltgen – ech si frou datt en erëm gesond ass – d'Neifaassung vum Gesetz vu 1965 iwwer d'Kollektivverträg am Konsens wäert ronn kréien.

Och de Sozialdialog an de Betriber brauch een neien Driw. D'Konsultatioun an d'Matbestëmmung vun de Belegschaften, besonnesch am Fall vu Restrukturéierungen a Fusiounen, brauch ee legalt Regelwierk dat den ökonomesche mam soziale Fortschrëtt verbënnt. Den Aarbechtsminister wäerd heizou Virschléi virleeën.

D'Aarbechtslosegkeet bleiwt eis éischte Suerg. Hire relativ niddregen Niveau soll eis net derzou verleeden eis Ustrengungen op Äis ze leeën. Déi präventiv Aarbechtsmaartaktioun, den inklusiven Traitement vum Chômage, den individuelle Suivi

vum Mënsch ouni Aarbecht bleiwen op der Dagesuerdnung. Besonnesch déi eeler Chômeure brauchen eis Solidaritéit : et bleiwt ee Skandal datt si vum Aarbechtsmaart ausgescheed gi wéi wa se näischt wäert wieren. Wat eng aarm Gesellschaft déi mengt op hiert Wësse kënnen ze verzichten ! Wat eng traureg Zäit déi mengt nëmmen déi Jonk wieren eppes wäert ! Den Aarbechtsminister bleiwt hei um Ball – mat de Sozialpartner iwwregens déi dat net kënnen anescht gesinn.

Den 1. Juli 2003 lafe wiesentlech Bestëmmunge vum PAN-Gesetz vun 1999 of. De « congé parental » - 10.000 Leit hunn dervu profitéiert – dorënner 13,71 Prozent Männer – gëtt net ofgeschaaft. Hie bleiwt ee Stéck akzeptéiert Sozial-, Familljen- an Aarbechtsmaartpolitik. Déi legal Aarbechtszäitreduktioun wäert och no 2003 keen Thema vun der Lëtzebuerger Politik ginn. Mat legaler Aarbechtszäitreduktioun bekämpft een net d'Aarbechtslosegkeet zu Lëtzebuerg mee vergréissert een den Aarbechtsmaartproblem heiheem. Mee d'Kollektivvertragswiesen ass an der Pflicht d'Aarbechtszäitreduktioun esou ze gestalten datt se aarbechtsmaartgerecht kann applizéiert ginn an datt all berechtegt Konsideratioune ronderëm d'Humaniséierung vun der Aarbechtswelt a Betracht gezu kënne ginn. E bësse méi Vertragsphantasie wier hei wënschenswäert. Grad ewéi och an der Fro vum Mobbing, där neier Aarbechtskränkt déi een net soll ënnerschätzen, well se féiert zu Stress op der Aarbecht an zu Misär doheem.

Iwwer den « taux d'emploi », de Beschäftegungsgrad, gëtt vill gestridden, zu Lëtzebuerg méi wéi am Ausland. Den nationale Beschäftegungsgrad klëmmt, och dee vun de Fraen. Dësen Trend muss een ënnerstëtzen, e geet an déi richteg Richtung, mee et kann een en net duerch brutal Zwangsmoossnahme forcéieren.

Och wann den nationale Beschäftegungstaux, also dee vun de Leit déi zu Lëtzebuerg wunnen, konstant eropgeet, sou wësse mer dach awer datt mer an den nächste Joren Aarbechtskräfte vu bausse brauche fir datt eis Ekonomie funktionéiere kann. Vill vun deenen Aarbechter a Beamte wäerten aus der Grenzregioun kommen. Mee och den Zoufloss aus der Grenzregioun kënnt eng Kéier op en Enn. Fir net Gefor ze lafe kuerzfristeg mat enger desordonnéierter Aarbechtsmaartimmigratioun konfrontéiert ze ginn, solle mer eis prioritär bei der Sich no neie Mataarbechter an neie Matbierger op d'EU-Bäitrëttskandidaten zou orientéieren. Polen, Ungarn, Tschechen a méi spéit och aner Mëtteleuropäer passen historesch a gefillsméisseg besser zu eis wéi Mënschen déi vu vill méi wäit ewech kommen. Dofir wëllt d'Regirung eisen Aarbechtsmaart relativ séier fir si opmaachen, ouni déi 7-jähreg Iwwergangsfrist a Saache Fräizügegkeet fir d'Arbeitnehmer ofzewaarden. Den Aarbechtsminister wäert mat enger Rei vu

Bäiträttslänner Aarbechtsmaartaccorden ofschléissen. Déi Mënschen déi bei eis kommen, an och déi déi schonn hei sinn, mussen Geleeënheet kréie Lëtzebuergesch ze léieren. De Staat an d'Betriber mussen dat a gemeinsamer Ustrengung sécherstellen. D'lëtzebuerger Sprooch bleiwt a gëtt ëmmer méi ee wichtege Vekteur vun der Integratioun. Zu Lëtzebuerg wunne Mënschen aus iwwer 150 Länner. Déi meescht vun hinne kommen aus Portugal an aus aneren EU-Länner, virun allem aus den direkten Nopeschlänner. Immigratioun kann net nëmmen eng Saach vun Aarbechtsmaart sinn, mee eng Immigratioun déi den Aarbechtsmaart aus den Aë verléiert kann zu groussen Integratiounsschwieregkeete féieren. Dës si méi kleng wann déi, déi zu Lëtzebuerg wunnen an déi aus aller Härelänner kommen, sech op d'Dauer an enger an därselwechter Sprooch verstännege kënnen. Lëtzebuerg däerf kee Land ginn dat sprachlos gëtt wann et mat sech selwer schwätze wëllt.

Wann d'Net-Lëtzebuerger lues a lues an eis Sprooch erawuesse gëtt och d'duebel Nationalitéit ee weidere Vekteur vun der och politescher Integratioun a vum politesche Matmaachen. Si konnt bei der rezenter Reform vum Nationalitéitegesetz net agefouert gi well déi juristesch Problemer déi se opwerft grëndlechst geklärt gi mussen. Si kann och eréischt agefouert gi wa sech no Debatten e kloren Optrag vum Wieler an déi Richtung erauskristalliséiert. D'Regirung plädéiert fir d'duebel Nationalitéit. Well mer een nationalen Intérêt drun hunn datt méiglechst vill Leit politesch matbestëmme kënnen. Nationalitéit an Natioun sinn eppes Wichteges. Mee et gëtt vill Leit hei am Land an deenen hirer Droscht méi wéi een Häerz schléit ouni datt dat eent dat anert iwwertéint. 'T ass aus dem Gläichklang vun de Sensibilitéiten, de Liewensweeër, der Geschicht an de Biografie wou een déi Musék mécht déi harmonesch kléngt. Mir bradéieren eis Nationalitéit net, mir maache se op fir Mënschen déi gären hei sinn a hei wëlle bleiwen, déi hei wëlle ginn wat mir bleiwe wëllen ouni awer dat mussen opzeginn wat se waren ier se heihinner komm sinn.

Mënschen déi hei schaffen, Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger, Leit déi hei pensionnéiert si mussen den Uschloss un d'Lounentwécklung an un den allgemenge Wuelstand behalen. Dofir ginn den 1. Januar 2003 d'Renten an d'Pensiounen ajustéiert. Dofir gëtt de Mindestloun den 1. Januar 2003 ugehuewen. D'Gespréicher mam Patronat – d'Betriber mussen d'Léin bezuelen net d'Regirung – wäerten erginn ob eng Dosis volontaristesch Erhéigung méiglech ass. D'Léin an d'Gehälter – esou gesinn d'Rekommandatioune vun deene fofzéng EU-Finanzministeren aus – solle mat der Produktivitéitsverbesserung wuessen. Am Juni/Juli erfällt eng Indextranch.

D'Bevölkerung wiisst, dat hu mer gesinn. Dës Tatsaach kann een a Rieden an Artikele géint bessert Wëssen ignoréieren. An der praktescher Politik vun haut a mar däerf ee se net iwwersinn. A mer iwwersi se och net.

Vun deenen 441.300 Leit déi op den 1. Januar 2001 zu Lëtzebuerg gewunnt hunn waren der 63.140, dat heescht 14,3 Prozent méi wéi 65 Joer al. D'Leit gi Gott sei Dank ëmmer méi al, mee d'Besoinen u Pflegeleeschtungen an Pflegeariichtungen huelen zou. Op den 1. Abrëll 2002 haten 19.476 Leit eng Demande fir d'Pflegeversëcherung gestallt. 17.372 Dossieren, dat heescht 89 Prozent, konnten ofgeschloss ginn. Um Enn vum Joer menge mer esouwäit ze sinn datt tëschent dem Antrag op Pfleg an der definitiver Evaluatioun vun der betraffener Persoun net méi wéi zéng Woche leie wäerten. Nach virun der Summervakanz proposéiert d'Regirung Modifikatioune vum Gesetz iwwer d'Pflegeversëcherung. Si betreffen net déi grouss Linne vum Gesetz mee nëmmen eng Rei vu prakteschen an administrative Froen. D'Offer vu Pflegebetter gëtt virun ausgebaut. Am Abrëll 2002 hate mer 4.328 Pflegebetter, 3.158 an den integréierten Altersheimer an 1.170 an deene véierzéng Pflegeheimer déi mer hunn. Domat sti 6,8 Pflegebetter pro honnert Leit iwwer 65 Joer zur Verfügung. An de Länner ronderëm eis läit dës Relatioun bei véier Better. Mee mir hunn nach net Better genuch. Zur Zäit ass d'Realisatioun vun 808 Better amgaang, weider 531 Better si geplangt. D'Zuel vun de Pflegebetter klëmmt also vu 4.328 op 5.667.

Och d'Zuel vun de Plazen an de konventionéierten an de private Kannercrèchen an Dagesfoyere geet an d'Lut. Eleng am Joer 2001 sinn 376 nei Plazen opgaang, dovun 290 fir Kanner ënner véier Joer. Dës Evolutioun geet virun, grad ewéi déi vun den Accueil-Strukture fir Schoulkanner, déi haut schonn op 121 Site funktionnéieren.

Den Ausbau vun der Spidolsinfrastruktur leeft planméisseg virun. D'Extensioun vum nationale Radiotherapiezentrum ass decidéiert. Duerch eng Ofännerung vum Spidolsgesetz gëtt d'Finanzéierungsenveloppe fir d'Moderniséiere vun der Kannerklinik a vum Erhuelungsheim zu Kolpech virgesinn. Bei der allgemenger Revisioun vun de Spidolservisser am Joer 2003 fënnt den Ausbau vun der Palliativmedezin speziell Berücksichtigung. Parallell dozou schwätze mer iwwer d'Stierwbegleedung, am Liicht vun eisen Noperen hiren Erfahrungen a vun der jéngster Jurisprudenz vum europäesche Mënschegeriichtshaff. Den neien nationale Gesondheetslaboratoire – een Urbanisatiounsplang ass entretemps presentéiert ginn – gëtt zu Diddeleng gebaut. De Veterinärslaboratoire an den Ëmweltlaboratoire kommen op dee selwechte Site. An de Joren 2002 an 2003 gëtt d'Zuel vun den Apdikte vun 78 op 88 bruecht.

Wunnen, Schaffen, Zesummeliewen : dat sinn d'Theme vun eiser Zäit. Een éiwegt Thema – well et esou wichteg ass a jiddferee betrëfft, haut a mar – dat ass d'Schoul. Virun e puer Méint huet d'Pisa-Etude eise Schoulsystem e bësse schief erschénge gelooss. Villes ass zënter hier gesot a geschriwwen, allméiglech Prozesser inszenéiert, all denkbar Reproche formuléiert ginn. Déi, déi elo Hals iwwer Kapp alles amendéieren, reforméieren a revolutionéiere wëllen, briechen der Schoul d'Genéck. Mee déi déi zur Dagesuerdnung wëllen iwwergoe wéi wann näischt geschitt wier, huelen der Schoul deen Elan dee se brauch fir hir Schwächten z'eliminéieren an hir Stärkten ze betonéieren. Kee kontestéiert méi datt d'Grondwësse vu ville Schüler ongenügend an hiert fundamentalt Wëssen iwwerflächlech ass, sou datt se dat wat se wëssen net adäquat mobiliséiere kënnen. « Back to Basics », zréck zum Wiesentlechen : dëse Motto ass richteg, e seet vill mee e seet net alles aus. Liesen, Schreiwen a Rechne kënne si Grondviraussetzunge fir herno am Liewen ze bestoen. Mee d'Schoul muss méi leeschten : si muss dat wat se de Kanner an de Schüler bäibréngt esou vermëttelen datt aus der Kombinatioun vu Wëssen a sozialer Intelligenz Verhalens- a Liewensweisen entstinn mat deenen een op der Aarbecht an an der Gesellschaft seng Fra a säi Mann ka stellen.

Liesen, Schreiwen a Rechnen ass net alles. Mee ouni dat geet et net. Dofir ass et richteg wann d'Schoul sech méi staark wéi bis elo op déi Grondkenntnisser konzentréiert an d'Schoulprogrammer esou ausriicht datt erëm Zäit genuch bleiwt fir déi intelligent Applikatioun vun deem wat geléiert gëtt.

Eng Rei vun Ännerunge sinn amgaang Plaz ze huelen.

D'Uneegene vum Liesen, Schreiwen a Rechnen gëtt pousséiert duerch d'Aféiere vun enger neier Alphabetiséierungsmethode, duerch d'Léiere vum Däitschen als Friemsprooch an duerch d'Zesummeleeë vum 1. an 2. Schouljoer.

Am « régime préparatoire » vum technesche Sekundarunterricht si bei der läschter Schoulrentrée Klassen déi de méi schwaache Schüler déi elementar Kenntnisser vermëttelen, agefouert ginn.

An der ieweschter Divisioun vum Sekundarunterricht gëtt an de Spezialisatiounsfächer d'Stonnenzuel eropgesat ouni de Volume vun de Programmer auszeweiden.

Dem Sproochenunterricht kënnt weiderhin grouss Bedeitung zou. D'Sproochkenntnisser befanne mat iwwert eis wirtschaftlech Kompetitivitéit an sinn den Zement vun der Kohäsioun an eiser Gesellschaft. Mee si kënnen och ee Fakteur vun Exklusioun ginn. D'Unitéit vun der Schoul muss bäibehal ginn, all Kand muss no sengem Schoulofschloss Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch kënnen. Mee d'Sprooch däerf keen Element ginn dat den Zougang zu professionneller Qualifikatioun verneelt. D'Léiere vun der Landessprooch gëtt systematesch verstäerkt, sougutt am Précoce wéi an der Spillschoul, mee awer och an de « classes d'accueil » vun der Primärschoul a fir auslännesch Kanner déi méi spéit an de Secondaire erakommen.

Un der Modulatioun vun de Sproocherfuerdernisser gëtt geschafft. Et gëtt mam Konzept vun der éischter an der zweeter Sprooch eescht gemaach. Den technesche Sekundarunterricht, wann e well Chanceglaichheet erméiglechen, brauch bei der Sproochebewäertung eng Approche déi d'Exigenzen a Funktioun vun der Formatioun differenzéiert. D'Zuel vun de Beruffsformatiounen a franséischer Sprooch ass d'läscht Joer méi grouss ginn. Am Secondaire gëtt bei der Rentrée 2002 ee renforcéierten Däitsch-Unterrécht fir Schüler agefouert déi am Däitsche schwaach si mee awer am Franséischen an an der Mathematik exzellent Resultater hunn. Bei der Reform vum ieweschten Zyklus vum Secondaire bleiwt et bei dem aktuelle Stonneplang wat Sproochen ubelaangt. D'Schoulinspekteren an d'Direktere sinn invitéiert ginn op de Gebrauch vun de virgeschriwwenen Unterréchtssproochen uecht ze ginn, sou datt d'Schüler hir Explikatiounen op Däitsch oder op Franséisch kréien a sech selwer an deene Sproochen auszedrécke léieren.

D'Hausaufgabe bleiwen obligatoresch. Si mussen esou gestallt ginn datt d'Kanner fir se ze maachen net op d'Hëllef vun engem Erwuessenen ugewise sinn. D'Hausaufgabenhëllef gëtt ausgebaut.

Et fanne speziell Konferenzzykle fir spezifesch Elteregruppe statt, wéi zum Beispill fir kapverdianesch a portugiesesch Elteren. Dat ass wichteg well och d'Elteren Akteure vun der Schoul sinn an net all Problemer an hir kënne ofliwweren.

Kanner mat spezielle Léierschwieregkeete kréie méi gehollef. Zevill dacks detektéiert eis Schoul Léierschwieregkeeten – Hyperaktivitéit, Dyslexie oder anerer – net oder vill ze vill spéit. Wann dës Kanner keng speziell Opmierksamkeet kréien - an déi kréie se haut nach net iwwerall genuch – da kann dat dramatesch Konsequenze fir hir Skolaritéit hunn. Dofir gëtt d'Léierpersonal a senger Ausbildung méi staark fir déi Defiziter, déi keng Fatalitéit sinn an och net däerfen esou betruecht ginn, sensibiliséiert. Et gëtt dofir

gesuergt datt mat der Zäit méi spezialiséiert Intervenante bereet stinn. Mir mussen eis dësen Aspekt vun der Schoul eppes kaschte loossen. Et ass derwäert. Wéinst de Kanner. A wéinst hiren Elteren déi ëmsou méi eleng si wéi d'Schoul sech net genuch Moyene gëtt.

Ech hu gesot d'Eltere wieren Akteure vun der Schoul. Mee d'Schüler sinn et och, si sinn Akteuren an der Schoul. D'Schoul kënnt ouni Disziplin – am positive Sënn vum Wuert - net aus. Eng Schoul an där den Enseignant nach just eng Nieweroll däerf spillen, an där alles wat e seet a wat e vun de Schüler verlaangt vun dëse ka kontestéiert ginn gëtt eng Schoul déi schlecht Resultater bréngt. Mir si géint eng autoritär Schoul, awer fir eng Schoul mat Autoritéit. Wee sech an der Schoul drugewinnt fir ze maache wat e wëllt dee kënnt duerno am Liewen aus dem Tratt. Och déi Elteren, déi nawell gären all Feeler beim Léierpersonal a bei de Proffe gesinn, sollten dat bedenken.

Mir brauche méi Lycéeën. Mee mir musse se méi séier bauen. A wa se bis do stinn, da muss et an Zukunft esou sinn datt ee sech am Prinzip an deem Lycée aschreiwt deen am nächste beim Doheem läit an nëmmen ausnahmsweis an engem aneren – wann an deem Plaz ass.

Eis Schoulen – trotz de schlëmmen Evenementer vun Erfurt – mussen öffentlech Plaze bleiwen. Si sinn a gi keen Héichsëcherheetstrakt fir Jugendlecher. Mee all Akteure vun der Schoul – Schüler, Enseignanten an Elteren – mussen een oppent A an een oppent Häerz hu fir jiddfereen, deen Unzeeche vu Verzweiflung weist, fir jiddfereen deen amgaang ass sech selwer opzeginn, fir jiddfereen deen op seng Liewensfroe keng Äntwerte fënnt. Deen aneren net a senger Komplexitéit wouer huele ka schrecklech, heiandsdo déidlech Folgen hunn.

D'Schoul ass ee wichtegt Stéck Lëtzebuerg. Dofir mengt d'Regirung, et wier gutt, wa mer eemol am Joer heibanne géngen intensiv iwwert si a mat hir schwätzen.

Här President,

Dir Dammen an dir Hären,

D'Qualitéit vum Zesummeliewen hängt och wiesentlech vun der Qualitéit vun der Sëcherheet of.

Mir kënnen eis glécklech schätzen an engem Land ze liewen an deem déi schwéier Kriminalitéit d'Aktualitéit an domat d'Liewe vun de Leit net dauernd beherrscht. Mee si mécht net ëmmer ee Krees ronderëm eis erëm : denkt nëmmen un déi brutal Iwwerfäll op d'Geldtransporter déi mer elo fir d'Sëcherheet vun de Convoieuren an de Passanten aus der Loft iwwerwaache loosse mussen.

Och wa bei eis d'Sëcherheet méi grouss an d'Onsëcherheet méi kleng ass wéi soss doruechter : mir mussen d'Sëcherheet am A behalen. D'Leit hunn ee Recht op Sëcherheet, si hu Recht wa se vum Staat verlaangen hir physesch Integritéit an hir Propriétéit ze schützen.

D'Sëcherheetsgefill ass näischt Objektives. Vill kleng Sëcherheetsverstéiss, vill zu Onrecht sougenannte kleng kriminell Akten – Déifstall, Iwwerfäll ouni Verletzungen, Abréch – kënnen d'Gefill opkomme loossen d'Sëcherheet wier net méi garantéiert. D'Tatsaach datt dës Virgäng gäre banaliséiert ginn, datt d'Zeitunge se net gewuer ginn oder net driwwer schreiwen, verstäerkt d'Gefill de Staat géif sengen Aufgaben net nokommen. D'Leit spire sech op eemol net méi wuel an hirer Haut an an hirem Land. Si ginn emfänglech fir politesch Message vu ganz riets. D' « Extrême Droite » kennt och keen honnertprozentegt Rezept fir géint d'Kriminalitéit virzegoen, kritt awer Zoulaf wa se d'Onsëcherheet zum Thema mécht, de Leit d'Impressioun gëtt d'Situatioun erkannt ze hunn an als eenzeg driwwer ze schwätzen.

Fir d'Sëcherheet ze garantéieren, ze garantéieren esou wäit wéi dat geet, a fir ze verhënneren datt een dacks net berechtegt Onsëcherheetsgefill ëm sech gräift, ass d'Regirung beméit déi landeswäit Polizeipräsenz esou optimal wéi méiglech z'organiséieren. D'Polizei muss an d'Lag versat gi fir iwwerall am Land 24 Stonnen op 24 séier kënnen z'intervenéieren. Vum Oktober u wäerten déi sechs regional Polizeibezierker komplett fonktionnéieren. Zu Capellen, Dikrech, Esch a Lëtzebuerg-Stad ass dat schonn de Fall, zu Gréiwemaacher an zu Miersch wäert et geschwënn de Fall sinn. Wann déi nei regional Polizeistrukture bis komplett stinn, da kann d'Polizei net

nëmme besser a punkto Reaktioun a Repressioun ginn, mee da ka se och eng gréisser Präsenz um Terrain, also no bei de Leit, hunn. Da ka se déi kommunal Sëcherheetspläng besser applizéieren. Dofir gi bis 2009 all Joer 60 Poliziste rekrutéiert. Parallel dozou ginn d'Ziviliste bei der Polizei agestallt fir d'Poliziste fir den eigentleche Sëcherheetsdingscht z'entlaaschten. D'Effektiver vun der Police judiciaire, der Kriminalpolizei also, ginn ausgebaut. Fir d'Joer 2003 ginn notamment méi Leit zur Bekämpfung vun der Wirtschaftskriminalitéit agestallt.

Et ass wichteg datt mer déi, déi géint d'Regele verstoussen déi d'Gesellschaft opstellt, probéieren ze resozialiséieren an erëm fir ee normalt Liewen ze gewannen. Mee de Schutz vum Affer ass opmanst grad esou wichteg. E muss wiesentlech verstäerkt ginn. Deen deen Affer vun engem Verbrieche gëtt muss, wann et zum Prozess kënnt, eege Rechter kréien. E kann net einfach wéi een Zeie behandelt ginn. E muss ënner bestëmmte Bedingungen ee Rechtsbäistand zur Säit gestallt kréien. Him muss d'Recht ageraumt ginn Informatiounen iwwer den Oflaf vun der gesamter Prozedur, virun, während an nom Prozess ze kréien. Et muss d'Méiglechkeet geschafe ginn datt d'Affer, wann aussergewéinlech Ëmstänn virleien, een anonymen Témoignage ofgi kann. De Justizminister kleed dës Elementer an ee Gesetzprojet bei deem sengem Examen der « proposition de loi » vum Kolleg Alex Bodry soll Rechnung gedroe ginn.

D'Sëcherheet déi et z'assuréiere gëllt dat ass och déi, déi vu baussen a Fro gestallt gëtt. De Kampf géint den internationalen Terrorismus, deen no den Attentater vum 11. September lancéiert ginn ass, verlaangt och vun eisem Land aktivt Matmaachen. Mir hu Relatiounen, och Sëcherheetsrelatioune mat eisen europäesche Partner z'assuméieren. Mir si Member vun der atlantescher Allianz an hunn domat déi selwecht Flichte wéi déi aner Alliéiert och. Dofir brauche mer ee Geheimdingscht dee säi Numm verdingt. Mir brauchen e wéinst eiser internationaler Kredibilitéit. Mir brauchen e fir eis selwer géint den Terror, d'organiséiert Kriminalitéit – déi zwee bilden dacks eng intim Koppel - an aner real Bedrohungen ze beschützen. Kee soll mengen d'Sëcherheet vum Land wier nach ni erausgefuerdert ginn. De Geheimdingscht gëtt reforméiert, e kritt eng parlamentaresch Begleedungskontroll : dës ugekënnegt Reform hu mer nom 11. September an der Zäit verréckelt well mer vun engem Dag op den aneren déi dingschtlech Prioritéite vum « Service de Renseignements » hu missen ëmstellen. De Geheimdingscht kann ee Stéck méi Transparenz gebrauchen. Mee hie gëtt keng duerchsichteg Verwaltung. E bleiwt ee geheimen Dingscht. D'Sëcherheet vun de Leit déi do schaffen an d'Sëcherheet vum Land verlaangen dat esou.

Den « Haut-Commissariat à la Protection Nationale » ass amgaang reaktivéiert ze ginn. Hie muss ee Konzept iwwer de Schutz vu Persounen a Saachen opstellen an d'Sécherheetspläng koordinéieren. Amateurismus ass geféierlech wann et eescht gëtt. Dofir musse mer méi grëndlech an deem Beräich ginn.

Här President,

Dir Dammen an dir Hären,

Ech hunn haut de Mëtteg schonn eemol op d'Importenz vum Wirtschaftswuestum higewisen, an zwar am Zesummenhang mat der mëttel- a laangfristeger Finanzéierung vun de Renten a Pensiounen. Grond genuch, fir sech eis wirtschaftlech Performance am läschte Joer an déi wirtschaftlech Erwaardunge fir dëst a fir d'nächst Joer méi genau unzekucken.

Am Joer 2001 ass de Welthandel praktesch op der Plaz stoe bliwwen. De Wirtschaftswuestum huet weltwäit nëmme méi 2,4 Prozent ausgemaach. Dat ass déi schlechste Wuestumsperformance zanter 1993. An den industrialiséierte Länner ass d'Wirtschaft nëmmen 1 Prozent am Joer 2001 gewues, géint 3,7 Prozent nach am Joer 2000. Japan, d'Vereenegt Staate vun Amerika an Europa si mateneen an eng Konjunkturkris geroden. An Europa war de Wirtschaftswuestum mat 1,6 Prozent extrem schwaach. E war praktesch dräimol méi niddreg wéi nach am Joer 2000.

Sämtlech Analyste ginn dervun aus datt déi amerikanesch Wirtschaft sech am Laf vun dësem Joer relativ kräfteg erhëllt. Den Amerikaner gëtt ee Wirtschaftswuestum vun 2,5–3 Prozent am Joer 2002 virausgesot. Fir d'nächst Joer gëtt ee Wirtschaftswuestum vun 3,5 Prozent fir méiglech gehal. All Observateure si sech eens datt et an Europa, och an der Eurozone, eréischt am zweete Semester vun dësem Joer zu enger Erhuelung kënnt. 1,5 Prozent Wirtschaftswuestum schéngt de Maximum ze sinn deen d'Europäer an dësem Joer erreechen. Fir 2003 gesäit et besser aus : 2,8-2,9 Prozent Wuestum schénge méiglech. Déi europäesch Wuestumskris ass haaptsächlech op déi aussergewéinlech Schwächt vun der däitscher Vollekswirtschaft zréckzeféieren.

De Statec geet dervun aus datt de Wirtschaftswuestum zu Lëtzebuerg am Joer 2001 « nëmmen » 3-4 Prozent bedroen huet. Dat wier eng Halbéierung par rapport zu der aussergewéinlech gudder Wirtschaftsleeschtung vum Joer 2000. D'OECD schätzt de

lëtzebuerger Wirtschaftswuestum fir d'Joer 2002 op 2,8 Prozent an. D'Europäesch Kommissioun geet vun engem Wirtschaftssprong vun 2,9 Prozent aus. De Statec séngersäits mengt mir géifen am Joer 2002 eng Wuestumsverbesserung vun 2,7 Prozent erreechen. Fir 2003 gëtt et Iwwereestëmmung datt mer erëm méi staark wéi 3 Prozent wuessen. Déi relativ gutt Leeschtung vun der lëtzebuerger Wirtschaft am Joer 2001, och wa se am Verglach zu der Wirtschaftskraaft vum Joer 2000 medioker maach erschéngen, war haaptsächlech méiglech well de Privatkonsum 3,4 Prozent méi héich luch wéi am Joer 2000. E luch méi héich wéi am Joer 2000 well déi op d'Joer 2001 virgezunne Steierreform fir d'Privatpersounen dat disponibelt Akommes vun de Privathaushalter an der Moyenne ëm 2,5 Prozent erhéicht huet. Ouni d'Virzéie vun engem zolitten Deel vun der Steierreform op d'Joer 2001 wier eise Wirtschaftswuestum am Joer 2001 däitlech ënner 3 Prozent bliwwen. Et war also richteg, d'Steierreform virzezéien. Et ass nozeliesen datt mer dat Virzéien net nëmme mat der gudder Finanzsituatioun vum Staat begrënnt hunn mee virun allem mat der Verschlechterung vum europäeschen an nationale Konjunkturklima. D'Regirung huet also richteg gehandelt. Mee ech wëll net nëmmen der Regirung dës Pluspunkten op d'Schiefertafel schreiwen. Och grouss Deeler vun der parlamentarescher Oppositioun hunn dës Politik gefrot a gutt geheescht. 'T ass evident datt eis prognostizéiert Wirtschaftsleeschtung fir d'Joer 2002 däitlech méi niddreg wier wa mer net fir dëst Joer substantiell Steiererliichterunge fir d'Betriber a fir d'Privatpersounen decidéiert hätten.

Wéinst der Dynamiséierung déi de Privatkonsum an d'Wirtschaftswuestum duerch déi virgezunne Steierreform erliewt hunn, sinn d'Budgetsresultater déi mer am Joer 2001 erreecht hunn zefriddestellend. Mir schléissen de Budgetsexercice 2001 viraussiichtlech mat engem Iwwerschoss vun 154 Milliounen Euro of. Domat ass den Iwwerschoss vum Joer 2001 fënnefmol méi niddreg wéi dee vum Joer 2000 et war. Am Joer 2000 hat dësen nämlech 760 Milliounen Euro ausgemaach. D'Resultat vun 2001 ass gutt u sech. Et ass nach besser wann een et mat de Minusresultater vun deene meeschten europäesche Länner, besonnesch deene vun Däitschland a Portugal vergläicht. Aus all deem léiert een : et gëtt kee Gesetz dat vu virera géif festleeën datt d'lëtzebuergescht Wirtschaftswuestum ëmmer iwwer 4 Prozent läit. De Wirtschaftsminister huet dee läschte Samschdeg an senger Ried op der Foire gesot, et wier illusoresch dervun auszegoen datt Lëtzebuerg ëmmer géif Wuestumsspréng vu 5 Prozent d'Joer maachen. En huet drop opmierksam gemaach, datt wann de Rescht vun der developpéierter Welt ënner dem Abroch vun de Konjunkturzykle leid, datt dann och zu Lëtzebuerg d'Beem ophalen an den Himmel ze wuessen. Ech deelen dës klug Aschätzung. Dofir ass, sou wéi de Wirtschaftsminister zu Recht ausgefouert huet, d'Weiderféiere vun der wirtschaftlecher Diversifikatiounspolitik fir Lëtzebuerg eng bleiwend Noutwendegkeet.

Déi Betriber, déi mer am Land hunn, mussen bei hiren Expansiounsustrengungen ënnerstëtzt ginn. D'Annonce vun der Arcelor op Arbed-Belval eng Mëtteleisestrooss ze bauen, dat heescht en Investissement vun 165 Milliounen Euro virzehuelen, ass eng gutt Nouvelle. Dësen Investissement war jo eng vun de Bedingunge vun der lëtzebuerger Regirung, fir der Stolfusioun zouzestëmmen. Et war ënner dësem Gesiichtspunkt och richteg datt d'Regirung – mat ärem Akkord iwwregens – der SES tatkräfteg gehollef huet, ënner anerem duerch d'Mobiliséierung vun öffentleche Mëttelen, zur weltwäiter Nummer 1 am Satellitegeschäft opzeklammen. Et bleiwt lëtzebuergesch Politik virun allem déi Kleng- a Mëttelentreprisen z'ënnerstëtzen. Si schafen Aarbechtsplazen. Si schafe Plus-valuen. Dofir si si och d'Haaptbeneficiaire vun der Steierreform déi den 1. Januar 2002 a Kraaft getrueden ass. D'PME-ë gi weider ënnerstëtzt : si sinn d'Réckgrat vun der lëtzebuerger Ekonomie.

Eis Wirtschaft ass dëst Joer mat besonnesch ville Faillite geplot. 1991 sinn 111 Betriber a Faillite gefall, am Joer 2001 waren et der 750. Gott sei Dank bleiwt d'Zuel vun de betraffene Salariéë relativ konstant. Dräi Véirel vun de Betriber déi Faillite maachen hu keen oder nëmmen ee Salarié.

Trotzdem muss gehandelt ginn.

D'Salariéë musse méi séier hire Loun ausbezuelt kënne kréien. Si mussen – a bestëmmte Fäll – d'Faillite selwer méi séier ufroe kënnen.

D'Mindestkapital fir d'Grënnung vun enger S.àr.l. gëtt vun 12.500 op 25.000 Euro a vun enger S.A. vu 34.000 op 70.000 Euro eropgesat.

Et gëtt obligatoresch Course fir Betribsgrënner agefouert.

Dës an aner Moossnahmen huelen d'Form vun engem neie Gesetz un.

Et ass am Zesummenhang mat der sougenannter Kralowetz-Affaire ee grousse Sträit driwwer ausgebrach ob Lëtzebuerg seng Nischepolitik soll viruféieren. Ech wëll dozou e puer kloer Wierder soen.

Grouss Länner verfügen iwwer grouss Raim an iwwer grouss Flächen. Net nëmme geographesch. Och wirtschaftlech. Si kënnen dës Raim an dës Flächen no hire Virstellungen an no hirem Gutdünken gestalten. Och an Zäite vun der Globaliséierung. Kleng Länner – an zu deene gehéiert Lëtzebuerg – verfügen net iwwer déi

Gestaltungskraaft. Fir um Welthandel deelhuelen ze kënnen a fir an der europäescher Wirtschaft eng Gréisst duerzestellen, muss Lëtzebuerg vun Zäit zu Zäit aussergewéinleche Leeschtunge bereet sinn. Arbed an Arcelor, SES an SES-Global si Beispiller dofir. Ee klengt Land muss, wann et am Welthandel an an der Weltwirtschaft präsent bleiwe wëllt, grouss Risiken iwwerhuelen. Méi grouss Risike wéi anerer. Dofir ass d'Iwwerhuele vun dëse Risiken an deem Moment wou se iwwerholl ginn och ëmmer ëmstridden. Erënnert iech un déi Bataillë ronderëm de lëtzebuerger Satellit. Nëmmen déi Wéinegst hei am Land ware mat där couragéierter Politik d'accord. Erënnert iech un déi warnend Kommentairen, ausserhalb vun der Politik an innerhalb vun der Politik, wéi d'Arbed zesumme mat Usinor an Aceralia dee gréisste Stolproduzent vun der Welt op Orbite bruecht huet. Ee klengt Land muss wuel grouss Risiken iwwerhuelen. Mee et muss och intelligent Nischepolitik maachen. Wat d'Zëmmer méi kleng ass wat et méi Nische gëtt. Lëtzebuerg ass keen Haus an der Weltwirtschaft. Lëtzebuerg ass een Zëmmer mat ville Nischen. An dës Nische musse mer notzen. Dës intelligent Nischepolitik ass an der Vergaangenheet kaum kontestéiert ginn. Eréischt wéi mer an der Transportnisch deelweis mam Kapp an d'Mauer gaange sinn, ass d'Gespréich iwwer d'Richtegkeet vun der Nischepolitik an de Gang komm.

Ech hu vill Zeien heibannen déi wëssen datt ech ëmmer a konsequent géint onverschimmten Nischepolitiken opgetrueden an agetruede sinn. Ech si géint déi Bankieren a géint déi Banken opgetrueden déi mat marktschreierischer Propagandapublizitéit probéiert hunn däitsch, belsch, franséisch an aner Steierflüchtlingen op Lëtzebuerg unzelackelen. Dat wat mir als intelligent Nischenexploitatioun emfond hunn ass am Ausland als onmoralesch Politik gewäert ginn. Dat huet déi, déi haut de Prinzip vun der Nischepolitik schlecht rieden, erstaunlecherweis nie gestéiert. Mech huet dat ëmmer gestéiert. An ech hunn och dergéint reagéiert. Et hat een heiandsdo den Androck an deene vergaangene fofzéng Joer datt eng Nischepolitik, och wa se eis e schlechte Ruff abruecht huet, akzeptéiert war wa se eis Souen abruecht huet. Eis Banken hunn hir Geschäftspolitik an hir Geschäfter – och ënner dem Drock vun der Politik – ëmorientéiert. Dofir kënne mer haut mat guddem Gewëssen d'Bankgeheimnis verteidegen. Et schützt net de Kriminellen. Et schützt net deen, dee Soue wäiss wäscht. Dofir ass eis Art a Weis Bankgeschäfter ze bedreiwen eng intelligent Notzung vun enger Souverainetéitsnische.

Ech war ni der Meenung datt ee klengt Land – well et eng Natioun ass – seng Souverainetéit soll verkafen. Och e klengt Land muss sech respektéiere wann et wëllt vun deenen anere respektéiert ginn. Als Kritiker vun iwwerdriwener an onverschimmter Nischepolitik an an engem Moment wou dës schaarf kritiséiert gëtt soe mer :

verantwortlech an intelligent Nischepolitik ass ee Must fir ee klengt Land. Grouss Länner verkafe Waffen. Kleng Länner vermaarten Nischen. Dat ass net verwerflech wann déi Nischen der europäescher Wirtschaft an de weltwäite Besoinen op eng responsabel Art a Weis dingen.

Mir si géint den Ausverkaf vun der Natioun a vun der nationaler Souverainetéit aus wirtschaftleche Grënn. Dëst Bradéiere kann eis provisoresch méi räich maachen. A terme schued et dem gudde Ruff vum Land an dem gudde Ruff vun de Lëtzebuerger.

Mir mussen de bedenkelosen Ausverkaf vun de Souverainetéitsnischen duerch d'Promotioun vu Kompetenz- a Qualitéitsnischen ersetzen. Där Nische gëtt et e ganze Koup. Eenzelner si bekannt, anerer sinn do ouni datt mer se gesinn.

Eng Bank- a Finanzplaz ass leeschtungsstaark wann de Know-how vun hire Beschäftegte grouss ass. De Know-how vun eise Bankbeamten ass grouss. Si schwätzen e puer Sproochen. Si kennen d'Finanz- a Steierinstrumenter vu ville Länner. D'Panoplie vun de Finanzprodukter ass méi grouss wéi op iergend enger anerer Finanzplaz. Dat ass keen onverschimmt Ausnotze vun enger Nische. Dat ass Valoriséierung vun enger lokaler an nationaler Kompetenz. Dës Kompetenz gëllt et auszebauen.

Wann d'Assurancegesellschaften déi de Flugterrorismus ofsëchere virun Deeg decidéiert hunn hire Business vu Lëtzebuerg aus z'organiséieren, dann ass dat net déi onerlabten Ausnotzung vun enger Steiernische. Dann ass dat d'Ausnotze vun der Tatsaach datt eisen Tresorsminister méi séier ze schalte verstan huet wéi seng Kollegen. Dann huet dat näischt mat spezielle Steierregelungen ze dinn. Dann huet dat dermat ze dinn datt eis Verwaltunge méi séier reagéiere wéi hir Kollegen am Ausland. Dann huet dat dermat ze dinn datt mer méi konsequent an zielorientéiert ze handele wëssen. Mir hunn eis fir eis Rapiditéit net z'entschëllegen. Déi aner si wéinst hirem Immobilismus ze kritiséieren.

Déi wäertvollste Qualitéits- a Kompetenznischen déi mer zu Lëtzebuerg hunn, dat ass de soziale Fridden. Ee Land dat et ëmmer erëm fäerdeg bréngt déi schwieregste Froen am sozialen an am nationale Konsens ze léisen huet een natierlechen a spontane Virsprong op déi aner Länner, déi am Spannungsfeld vum Sozialen a vum Ökonomeschen heiandsdo soss näischt unzebidden hu wéi d'Zomm vun Oppositiounen, Kontradiktiounen a Kontestatiounen. Dësen Nischevirsprong vum Tripartismus musse mer erhalen, coûte que coûte. Dat heescht net datt mer an den iwwerflächlechen, aussoeschwaachen an net zielgebonnene Konsensualismus sollen ofrëtschen. Dat wëllt

heeschen datt mer de gruppeniwwergräifenden nationale Konsens, dës Mëschung aus Generositéit a Responsabilitéit, solle bäibehalen. Keen aneren huet déi Kraaft. Dofir si mer méi staark wéi eis Demographie an eis Geographie unhuele loossen.

Eis gutt gestaffelt Sozialuerdnung ass net nëmmen een Nischenavantage. Si ass och ee Standuertvirdeel. Ee Land an deem d'Sozialrelatioune stëmmen, ee Land an deem de fräien Entrepreneur mat sozial gutt ofgesëcherte Mataarbechter net nëmme kohabitéiert mee zesummelieft huet seng zwee Féiss och do nach um Buedem wou déi aner am Fräiraum schwiewen. Ee Land dat wéi Lëtzebuerg ee sozial generéisen, ökonomesch vertriedbaren an aarbechtsmaartgerechten Elterenurlaub zur Uwendung bréngt huet ee Standuertvirdeel op déi Länner déi der Konziliatioun vu Beruff a Famill keng Importenz zoumiessen. Ee Land dat eng vu bal jiddferengem akzeptéiert Mindestlounregelung huet ass sozial méi berouegt wéi ee Land dat deene manner Gudden, deene manner Staarken an deene manner Organiséierte keng Rechter araumt. Ee Land dat mat Ofstand dat héckste Kannergeld an domat materiell besser versuergte Familljen huet wéi anerer huet ee strukturellen Equiliber deen anerer net hunn. Ee Land dat säi Kënnegungsschutz der Liberaliséierung an der Globaliséierung net zum Fraass virgeworf huet ass sozial méi resistent a méi sozialfriddensfäheg wéi alleguer déi aner. Dës Nischenacquisen däerfe mer net opginn.

Ee Land dat wéi Lëtzebuerg déi onqualifizéiert Aarbecht niddreg besteiert, ee Land dat wéi Lëtzebuerg eng Steiergesetzgebung huet déi d'Leeschtung net bestroft mee encouragéiert, dat ass ee Land dat a sech selwer Nischevirdeeler dréit déi anerer ni oder nëmmen ënner gréisster Péng erreechen.

Ee Land wéi Lëtzebuerg deem seng öffentlech Finanzen an Uerdnung sinn, deem seng Staatsschold niddreg ass, deem säi Budget mat Iwwerschëss ofschléisst, huet op senger Visitekaart Indikatioune stoen déi Investisseuren, Firmen, Aarbechtsplazschafer an zukunftsintresséiert ökonomesch Welteroberer unzitt. Dësen Nischenameublement däerfe mer net an d'Schanz schéissen.

Ee Land dat wéi Lëtzebuerg trei a geschlossen zu senger Landwirtschaft steet huet een Equiliber deen anere Länner feelt. Un dësem Equiliber an un dësem permanenten Equilibrage musse mer viruschaffen. Dat neit Agrargesetz entsprëcht dësen Imperativer. An dofir héige mer de landwirtschaftlechen TVA-taux forfaitaire vun 8 op 9 Prozent. An dofir wiere mer eis géint d'Aféierung vun enger europäescher Wäisteier déi eise Wäibau géif penaliséieren. D'Wënzer gehéieren zu eisem Land wéi d'Amen zum Gebiet.

Ee Land dat wéi Lëtzebuerg räich u Mënschen an u Landschaften ass muss den Nischevirdeel vum Tourismus notzen. Dofir erhéige mer d'Finanzmëttele vum 7. Tourismusprogramm op 37,5 Milliounen Euro, dat heescht ëm 29 Prozent par rapport zum 6. Programm.

D'lëtzebuergesch Wirtschaft ass staark wéinst de multiple Beiträg vun de klengen a mëttleren Entreprisen. Aner Ekonomien an Europa verfügen net iwwer dat Réckgrat. Dofir setze mer den Aktiounsprogramm fir d'PME-ë konsequent ëm an ënnerstëtze si massiv um steierleche Plang.

Et gëtt Raim déi vun anere Länner besser ausgenotzt gi wéi vu Lëtzebuerg. Dat ass zum Beispill wouer bei der Kultur. Och am Kulturberäich gëllt et eis Nischen, eis national, international a groussregional Nischeméiglechkeeten auszenotzen. Déi decidéiert, deelweis exekutéiert a geplangte Kulturinfrastrukture maachen eis Méiglechkeete méi grouss, positionnéieren eis frësch op der groussregionaler an europäescher Kaart. Och Kulturpolitik ass Wirtschaftspolitik. Si ass net nëmmen dat. Mee déi manner kulturintresséiert solle wëssen : si ass och dat.

E-Lëtzebuerg kann och eng exploitabel Nisch ginn. Hei hu mer, je no Sekteur, Avancen a Retarden op anerer. Mir mussen eis do verbessere wou mer staark sinn. Mir mussen eis do dru gi wou et eis nach net genuch gëtt. D'Welt vu mar ass zum groussen Deel eng e-Welt. An där Welt musse mer eng Roll spillen.

D'Recherche kann eng Nisch si wa mer wëllen datt se eng gëtt. Mir wëllen dat. Dofir erhéige mer d'Budgetsmëttele fir d'Recherche konsequent. Vu Joer zu Joer. Fir am Joer 2005 een Investissementsniveau an der Héicht vun 0,3 Prozent vun eisem PIB z'erreechen, déi 0,17 Prozent déi mer haut hu ginn net duer fir datt aus dëser Nisch ee Stéck Zukunftsgestaltung gëtt.

An enger anerer Nisch, déi een intelligent a kloer kann notzen, leien d'Universitéitspläng fir Lëtzebuerg. Oh, mir wëllen net mat der Sorbonne, mat der fräier Universitéit vu Berlin oder mat Harvard wetteiferen. Mee mir wëllen do wou mer eppes kënnen nach méi weisen. D'Pläng si bal fäerdeg. D'Begeeschterung ass grouss. Mir sinn op deem richtegen akademesche Wee.

Am Resumee : mir si fir den Ausbau vu Kompetenz- a Qualitéitsnischen. Mir si géint d'Ausnotze vun Nischen deenen hir Exploitatioun net zu eis passt. Eenzelner vun dësen hu mer ausgenotzt well mer an den 80er Joren – dat ware Jore vum wirtschaftleche Réckgang a vun der Hoffnungslosegkeet – eiser Hänn kee Rot wossten. Nischen am Transportwiesen, Nischen am Beräich vum « pavillon maritime » géife mer haut net méi esou ugoe wéi mer se ugaange sinn. Ech soen zur Verteidegung vun deenen déi se ugaange sinn : deemols hu mer mussen op alles sprange wat no Diversifikatioun vun eiser Ekonomie ausgesinn huet. Haut brauche mer net méi an all Nische stëppelen ze goen. Haut brauche mer net méi all Betrib nozelafen. Well mer sinn eis jo eens : mir mussen net ëm all Präis an zu alle Bedingunge séier wuessen. Mir sinn eis jo eens datt et méi wichteg ass nohalteg ze wuessen. Och wa mer da méi lues wuessen. A mir sinn eis eens d'Konsequenzen aus esou engem méi luese Wuessen ze zéien. Oder net ?

Här President,

Dir Dammen an dir Hären,

D'Welt an där mer liewe gëtt ëmmer méi komplizéiert.

D'Biller vum 11. September sinn nach ëmmer an eise Käpp. Si hunn d'Agenda vun der Weltpolitik iwwer e Koup gehäit. Nei Allianze sinn entstan, Allianzen déi nach den 8. September onméiglech geschéngt hunn. D'Reaktioun op den 11. September gräift ze kuerz wa se sech op d'Lutte géint den Terrorismus beschränkt. Si muss och seng déiwer Ursaache bekämpfen : den Aarmut an der Welt, déi wirtschaftlech Ongerechtegkeet, den Desequiliber tëschent steeräichen a blutaarme Kontinenter. Lëtzebuerg hëlleft mat senge bescheidene Mëttelen den Terrorismus ze stoppen. Mee mir wëllen och hëllefen der Aarmut d'Spëtzt ze briechen. Dofir fuere mer virun – och mat manner Wirtschaftswuestum – eis Entwécklungshëllef ze verstärken. Mir leeschte mat am meeschten Entwécklungshëllef, gehéieren – wann der esou wëllt – zum G 0,7. Och dat ass eng Kompetenznisch déi an der Welt opfällt.

Zu Erfurt huet ee verzweifelte jonke Mann sécher vill anerer onglécklech gemaach. Loosst mer oppassen – och heiheem – datt mer d'Ongléck vun deenen aneren net eréischt da mierke wann et sech géint eis dréint.

Déi europäesch Demokratie steet op feste Been. Mee heiandsdo riskéiert se an d'Knéien ze goen. D'Resultater vun der « extrême droite » a Frankräich hunn eis erféiert a mir ware frou datt d'Fransousen de läschte Sonndeg massiv géint d'Exklusioun, d'Friemefeindlechkeet a géint déi sozial a wirtschaftlech Demagogie gestëmmt hunn. Mir hunn zu Lëtzebuerg keng extrem riets Partei. Loosse mer déi Problemer uschwätzen a léisen op deenen hirem Buedem se kënnt entstoen.

Gëschter ass an Holland deen éischte politische Mord an deem Land geschitt. Null Toleranz géint extrem Gedanken heescht net datt ee se däerf erschéissen. D'Demokratie verdréit keng Gewalt. D'Gewalt vun de Wierder an d'Verdäiwelung vun deem Aneren kënnen, wéi mer gëschter gesinn hunn, zu schlëmmste Verbrieche féieren. Loosse mer viru matenee streiden, mee loosse mer jiddfereen a senger Eegenart respektéieren. Loosse mer no zesummeréckelen an zum Beispill eng Konventioun tëschent dem Staat an der islamescher Kommunautéit zu Lëtzebuerg ofschléissen.

De Respekt ee virun deem anere muss och d'Matenee vun de Natioune begleeden. Dat war an ass net ëmmer de Fall. Mir wëssen dat. Am Oktober ginn et 60 Joer datt jonk Lëtzebuerger mat respektloser Brutalitéit an d'Wehrmacht agezu gi sinn. Mäi Papp a villen aneren hir Pappen hunn zu där geafferter Generatioun gehéiert. Si huet Villes erlidden an nom Krich d'Land nees opgeriicht. Eis Pappen hunn eis ee grousst Beispill ginn, am Krich an duerno. Mir sinn hir Ierwen a mir däerfen déi Ierfschaft net verspillen.

* * * * * * * * * * *